# Critères « Bonne Colonie » 22/23

Léif Cheffen,

Vir eist Scoutsjoer 2022-2023 hoffe mir natierlech datt mir weiderhi vill Colonie begeeschtere kennen. Vir är motivéiert Beaver, ma och är eegen Aarbecht am Grupp oder an ärer Fräizäit vir d'FNEL ze belounen, iwwerschaffe mir d'Critères vun der Bonne Colonie reegelméisseg.

Mir iwwerléen eis natierlech och ëmmer nees mat vill Virfreed e neie Cadeau vir déi Colonien déi sech d'Méi maachen eis an der FNEL ze weisen wéie super Programm Sie vir hir Beaver organiséieren.

**Aus wat besteet d'Bonne Colonie?**

- D'Bonne Colonie ass *1 Foto-Reportage oder 1 Video* wou dir är Colonie, äre Grupp, äert Home oder äert Duerf/är Stad (wann dir keen Home hutt) virstellt. Dat ganzt soll mat engem roude Fuedem gefilmt ginn (z.B. Verkleedung, Interviews, de Bibu an all Foto verstoppt, …) - loosst Iech eng afalen :-) - einfach den Handy eraushuelen a lass! Eng gratis App (oder eng Browser-Versioun) déi Iech et erméiglecht super kreativ ze sinn ass «Adobe Spark». Gidd a kuckt Iech se un!

- Mir bieden Iech eis kee Classeur méi of ze ginn. Amplaz erwaarde mir eis eng super *selwer gebastelt Papier mâché Figur oder eng gebastelt Këscht* déi dir oofgidd. Dës Bastel soll eppes duerstelle woumat dir Iech am Grupp identifizéiere kënnt (äert Gruppendéier, ee Personnage oder Déier aus der Beaver Geschicht, een Déier wat dir als Colonie selwer erausgesicht hutt, …). Dës Bastel soll vun a mat de Beaver gemach sinn :-) Dës Papier mâché Figur oder kreativ Këscht gidd dir w.e.g. beim Carolyn MILNE an der FNEL um Cents oof.

- Gidd eis är Fotoen, Dokumenter, Biller a Filmer op engem *USB-Stick* of, deen dir an ärer selwer gebastelter Figur oder Këscht verstoppt. Dir däerft awer och gären alles geprint, <u>an dëser Bastel oder Këscht</u> ofginn oder awer alles op BC lueden an eis als Kontakter dobäi setzen. Am läschte Fall, wann dir mat Basecamp schafft, vergiesst net eis är Bastel oofzeginn vir datt dir all d'Critères vun eiser Bonne Colonie validéiert ;-)

# Critères « Bonne Colonie » 22/23

**Wéi eng Punkte musse respektéiert sinn fir eng « Bonne Colonie » ze kréien?**

**Délai Wanterbastel zum Thema *Winter Wonderland*: 19. Dezember 2022**

**Délai final Bonne Colonie: 10. Juni 2023**

- eng Wanterbastel pro Beaver aus ärer Colonie, am Thema *Winter Wonderland*, déi mir beim offizielle Patt virun der Krëscht Vakanz um Fetschenhaff wäerten op den Dëscher respektiv un de Beem ophänken. Dat kann alles sinn wourunn dir denke kënnt, just MUSS är Bastel ecoresponsabel sinn, aus Naturmaterialien oder naturfrëndleche Saachen.

- eng super extra Figur oder Këscht déi dir an äre Reuniounen oder ob engem WE gebastelt hutt (weist eis gären e puer Fotoen an denkt drun är Figur an der FNEL oofzeginn :-) )

- 2 Fotoe vun ärer Colonie mat de Cheffen an 3 Trimesterpläng vun ärer Colonie

- Illustratioune vun all Kand gemoolt oder gebastelt zu Deeler vun der Beavergeschicht (Fotoen dovu maachen oder scannen (gratis App = OfficeLens)

- Fotoen a Contenu vun 1x Sortie oder 1x Weekend wou Badger vum neien «Zesumme Wuessen» Programm agebaut sinn

- 1 activité intergroupe

Bei Froe kënnt dir eis ëmmer schreiwen, einfach beaver@fnel.lu antippen a lass :-D

Beaver Klack,

Ärt Beaver Commissariat
Tokki an Anne

## Critères « Bonne Colonie » 22/23

**Hei nach eng Iddi wéi esou eng final Këscht oder papier mâché Figur kéint ausgesinn:**

Am Platz iergend en Déier, kéint een sech ee Personnage oder en Déier aus der Beavergeschicht ausdenken, an am Platz eng Këscht als Aquarium kéint een e Beaver Damm bastelen oder eng Szene aus der Beavergeschicht :-)








